N° 7815
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Den Dépôt vun de Kandidatelëschte fir d'Gemengewale steet virun der Dier. Dofir sinn elo vill Kandidaten an déi, déi et wëlle ginn, déi sech ob hir Gemeng beginn, fir do Informatiounen zu de Lëschten an de Walen am Allgemengen ze froen. Net all Gemeng schéngt awer prett, fir dës Informatiounen ze ginn. Eis Piraten ass vun enger Gemeng gesot ginn, dass d'Persoun, déi sech ëm d'Gemengewale këmmert dës Woch am Congé wier an géing net ersat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Ministesch net, dass elo wou d'Parteien hier Lëschte virbereeden déi Poste musse besat sinn?
2. Falls et net esou ass, wäert Madamm Ministesch mat enger Circulaire reagéiere, fir dass hei net wäertvoll Zäit verluer geet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten